N°2453
Luxembourg, le 13.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

De Policeminister huet op senger Pressekonferenz dës Woch erkläert, dass d'Bodycams bei der Police ab Juli an Asaz kommen. Wéi op der Website vun der Police ze liesen ass, gëtt d'Videomaterial duerno op engem "support informatique sécurisé" gespäichert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gëtt d'Videomaterial integral op lëtzebuergesche Servere gespäichert? Falls net, a wéi enge Länner gëtt d'Material gespäichert?

2. Gëtt d'Material intern bei der Police gespäichert? Falls net, wéi eng weider Organisatiounen (Ministèren, Firmen, etc.) si mat der Späicherung vum Material befaasst?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten